

# Amicale des hauts fourneaux A et B de Profil-ARBED Esch / Belval

**Adresse postale : BP 312, L-4004 ESCH/ALZETTE**

Site Internet: www.hauts-fourneaux.org

**D'Amicale vun den Héichiewen "A" & "B" vu ProfilARBED Esch/Belval.**

Iwwert d'Amicale, wéi se gemengerhand kuerz genannt gëtt, e puer Zeilen ze schreiwen, ass net esou einfach.

Alles ass ugaangen, wéi den 22. Februar 2006 de Mouvement Ecologique op eng Table Ronde am Skip zu Rämmerech invitéiert huet. Déi 3 Konzepter, déi virleien, ginn der Ëffentlechkeet virgestallt an et kënnt ee séier zum Schluss, dass dat vun der Regierung favoriséiert Konzept déi wesentlech Anlagendeeler op der Héichuewenterrasse net erhale wëll.

Den 21. März 2006 hu sech eng Rei fréier Héichueweleit ënnert dem Impuls vum Historiker Denis Scuto an dem Amicalë-Member Camille Mahowald zesummegesat a festgestallt, dass d'Regierung dee falschen Héichuewen erhale wëll: den Uewen "A" mat der Technologie vun der Mëtt 1930er Joeren, dee bei wäitem manner interessant ass wéi den Uewen "B".

A vun deem Moment un geet et Schlag op Schlag an u Rou ass net méi ze denken.

De 17. Juni 2006 gëtt zu Esch an der Hiehl d'"Amicale des hauts-fourneaux "A" & "B" de Profil-ARBED Esch/Belval" gegrënnt. Un hirer Spëtzt steet och haut nach, 10 Joer duerno, dee kompetenten, energeschen an onermiddleche Roby Gales, dee säi Liewe laang op de Belvaler Héichiewe geschafft huet an déi Anlage kennt wéi keen Zweeten.

23. August 2006, d'Amicale huet emol grad 2 Méint, gëtt déi éischt Pressekonferenz am Skip zu Rämmerech organiséiert.

7. September 2006: Éischt Entrevue mam deemolege Kultur- a Bauteminister.

September / Oktober 2006: Verschidden Entrevuë mat sämtlechen, politesche Fraktiounen, Gewerkschaften an de Gemengen Esch a Suessem.

Vun elo un war de Steen um Rullen an d'Amicale ass an de Medien omnipräsent ginn an hire Präsident Roby Gales a säi Komitee huet all Moment misse virun de Kameraen oder de Mikroe vun RTL stoen oder der geschriwwener Presse iwwert Telefon vun doheem aus Explikatioune ginn an onermiddlech d'Fuerderunge vun der Amicale widderhuelen.

Regleméisseg Pressekonferenzen, all Kéier zesumme mam Mouvement Ecologique Régionale Sud, hunn der interesséierter Ëffentlechkeet déi komplex Struktur vun den Héichiewen erkläert a versicht, op Mëssstänn an der Planung vun der Regierung an dem Fonds Belval opmierksam ze maachen. Dass den Héichuewen "B" dee richtegen Uewe wier fir z'erhalen, ass d'Amicale net midd ginn ëmmer erëm ze widderhuelen.

Ufank 2007 ass mat de groussen Aarbechten op der Héichuewenterrasse ugefaange ginn. Regelméisseg ass d'Amicale sech de Schantje vu baussen ukucke gaangen.

Et war séier kloer, dass de Fonds Belval mat sengem deemolegen Direkter Alex Fixmer an dem Mario Schweitzer sech net géing ëm d'Fuerderunge vun der Amicale këmmeren. Mat hirer "Salami-Taktik" sinn d'Héichiewen no a no deels massakréiert ginn a wichteg Anlagendeeler wéi d'Pompelhaiser, Waasserleitungen, d'Granulatiounsanlagen an d'Fuelinjektiounsräim fir ëmmer verschwonnen. Engem Schüler am Joer 2035 wëllen erklären, wat en Héichuewen ass a wéi e funktionnéiert ass ab elo onméiglech ginn.

Trotz allem huet d'Amicale awer d'Erhale vun de Wand- a Gasleitungen, der Gebléis- an Dynamozentral, deenen 2 Maschinnenhaiser vum "A" a vum "B", de Fundamenter vum fréieren Héichuewen "C"an een Deel vum Highway duerchgesat krut.

Och hei waren onendlech Reunioune mam Minister an dem Fonds Belval néideg, et huet missen Iwwerzeegungsaarbecht vun der Amicale geleescht ginn.

Den 3. Juni 2008 huet d'Amicale an de Mouvement Écologique virum Skip, wou e Colloque zum Thema Industriekultur stattfonnt huet, eng Protestaktioun organiséiert.

Et kann een déi laang Serie vun Aktiounen an Entrevuë vun der Amicale hei nach weiderféieren.

Den 3. Dezember 2008 huet d'Amciale dem Kënschtler Jhang Meis seng Skulptur "Als Erënnerung – Un d'Leit vun de Schmelzen" feierlech op der Place de l'Université ageweit. Deemools stoung nach keng Maison du Savoir do.

Ënnert dem Impuls vun der "Délégation des Salariés d'ArcelorMittal Esch/Belval" ass den 1. Dezember 2009 d'Feier vum Schutzpatroun vun de Schmelzaarbechter, dem Saint Eloi, op Belval agefouert a bis elo all Joer gefeiert ginn.

D'St. Eloi ass e feste Bestanddeel am Kalenner vun der Amicale, all hire Memberen, Sympathisanten, der "Délégation des Salariés d'ArcelorMittal Esch/Belval" an der Schmelzendirektioun vu Belval.

Nodeems d'Héichiewen offiziell de 4. Juli 2014 fir de Public opgaange sinn, huet d'Amicale awer net hir Hänn an de Schouss geluecht a konzentréiert sech mat aller Kraaft op d'Erhale vun der Gebléis- an Dynamozentral, de Wand- a Gasleitungen um Site ewéi och ëm verschidde Restoréirungsaarbechten, déi, obwuel am Regierungsprojet virgesinn, awer net ausgeféiert goufen.

Zu dem Thema war den 1. Oktober 2015 eng weider Pressekonferenz mat groussem Echo an der Presse.

Fir hier Memberen a Sympathisanten organiséiert d'Amicale all Joer en "Ausfluch" deen am Zesummenhang mat Héichiewen steet. Den Héichuewen U4 zu Uckange, d'Völklinger Hütte, den Héichuewe vun Hattingen an d'Rouergéissererei vu St. Gobain zu Pont-à-Mousson ware schonns Ausfluchziler vun der Amicale.

Wann Där Iech méi iwwert d'Schaffe vun der Amicale oder de Schmelzeprocédé wëllt informéieren, da gitt op eisen Internetsite www.heichiewen.lu kucken. Hei fannt Där och Reportagen iwwert all eis Aktivitéieten.

Wie wëll Member bei der Amicale ginn an aktiv um Erhale vun deem eenzegartege Patrimoine Industriel wëll matschaffen, kann daat mëttels där Souche hei ënnendrënner maachen. Mär freeën eis iwwert all "Nowuess".

Dan Cao
Sekretär vun der Amicale

✂-----------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------

Numm.........................................................Virnumm.....................................................Tél.:....................................

e-mail..............................................................................as interresséiert am Comité vun der Amicale matzeschaffen.

D'Souche w.e.gl. un de Präsident vun der Amicale, den Här Roby Gales schécken oder per e-mail umellen.

Roby Gales, 29, rue Winston Churchill, L-4434 Soleuvre

e-mail: galesrob@pt.lu


Merci !



Ausfluch vun der Amicale op Pont-à-Mousson, Saint Gobain, de 25. September 2015



Protestaktioun virum Skip zesumme mam MECO, den 3. Juni 2008



Eng vun den nach erhaalenen Turbo-Soufflanten an der Centrale des soufflantes op Belval



" D'Mise en place vun der Skulptur „Als Erënnerung – un d'Leit vun de Schmelzen op der Place de l'Université de 16. September 2008



Gas- an Héichuewewandleitungen tëschent der Gebléisszentral an dem Uewen A, ewéi se och nach elo do stinn ( Mee 2015)